

Pastoralregion Norden

Clerf: Samstag, 18.30 Uhr, Vorabendmesse in Clerf; 19.30 Uhr, Messe portugaise. Sonntag, 9 Uhr, Messe in Eselborn; 18.30 Uhr, Messe in Clerf.

Wäicherdang: Sonndig, 19 Auer, Mass.

Weiswampach: Sonntag, 10 Uhr, Hochamt; 15 Uhr, Tauffeier.

Pfarrverband Boulaide-Haute-Sûre

Bauschelt: Samschdig, 19 Auer, Mass.

Eeschpelt: Sonndig, 17.30 Auer, Kanddaf.

Harel: Sonndig, 9.15 Auer, Mass.

Sir: Sonndig, 10.30 Auer, Kiermesmass; 15.30 Auer, Griewerseenung.

Pfarrverband Hosingen-Hoscheid

Baastenduerf: Samsdeg, 20 Auer, Mass.

Branebuerg: Samsdeg, 19 Auer, Mass.

Eesbich: Sonndeg, 9.30 Auer, Mass. Houschent: Samsdeg, 19.30 Auer, Mass. Housen: Sonndeg, 10.30 Auer, Kiermesmass an uschlëssend Griewerseenung.

Konstem: Sonndeg, 10.15 Auer, Kiermesmass an uschlëssend Griewerseenung. Méchela: Samsdeg, 18.30 Auer, Mass. Mierschent: Sonndeg, 10 Auer, Wuertgotesdëngscht.

Roudersen: Sonndeg, 10 Auer, Wuertgotesdëngscht. Schlënnermannisch: Sonndeg, 9.15 Auer, Mass. Wulessen: Sonndeg, 10 Auer, Mass.

Pfarrverband Marnach-Heinerscheid

Hengescht a Kaalber: Mar Sonndeg feieren déi Hengeschter a Kaalber hir Kiermes. Em 10.45 Auer ass feierlech Kiermesmass fir d'Par gesongen vum der Chorale vum Hépperdang. No der Mass gëtt de Kierfent geseent.

Léiler: Samschdeg, 19.45 Auer, Virowendmass vum Fest fir d'Par.

Maarnech: Sonndeg, 9.30 Auer, feierlech Houmass vum Fest fir d'Par.

Munzen: Samschdeg, 18.30 Auer, Virowendmass vum Fest fir d'Par.

Pfarrverband Pintsch

Eeschwëller: Sonndig, 9.15 Auer, Mass. Kautebaach: Sonndig, 10.45 Auer, Mass.

Wëlwerwolz: Samsdig, 19 Auer, Mass.

Pfarrverband Ulflingen-Wintger

Allerborn: Sonntag, 10.30 Uhr, feierliches Kirmeshochamt, anschließend Gräbersegnung.

Asselborn: Sonntag, 10.30 Uhr, feierliches Kirmeshochamt, anschließend Gräbersegnung.

Boegen: Samstg, 18 Uhr, Messe. Doennigen: Sonntg, 10.30 Uhr, Messe. Fünffrunnen: Sonntg, 8 Uhr, Messe. Huldigen: Sonntg, 10.45 Uhr, Hochamt. Niederbesslingen: Samstg, 19 Uhr, Hochamt.

Niederwampach: Samstg, 16 Uhr, Hochzeitshochamt.

Stockem: Sonntg, 9 Uhr, Messe. Trotten: Sonntg, 10.30 Uhr, feierliches Kirmeshochamt, anschließend Gräbersegnung in Trotten und Crendal.

Uflingen: Sonntg, 9.30 Uhr, Hochamt. Wilverdingen: Sonntg, 9.30 Uhr, Wortgottesdienst.

Pfarrverband Wiltz

Bärel: Samsdig, 19 Auer, Rousekranzgebied. Boukels: Sonndig, 10.30 Auer, Houmass op Kiermessonndeg fir d'Poren.

Dénkert-Mecher: Sonndig, 19.45 Auer, Mass. Donkels: Sonndig, 10.30 Auer, Mass. Erpeldang: Sonndig, 18.30 Auer, Rousekranzgebiet.

Esch/Sauer: Samsdig, 18 Auer, Mass. Eschdörf: Sonndig, 11 Auer, Houmass. Grëmelescht: Samsdig, 18.30 Auer, Kiermesmass.

Heiscent: Sonndig, Bietdag, 10 Auer, Houmass; 16 Auer, stëll Anbetung vum hl. Sakrament; 16.30 Auer, Bietstonn fir d'Por; 17.30 Auer, Schlussandacht mat sakramentalem Seegen.

Kauneref: Sonndig, 16 Auer, Daffeer. Nidderwooltz: Samsdig, 11 Auer, Hochzäitmass; Sonndig, 10.30 Auer, Houmass; 11.30 Auer, Daffeer.

Owerwooltz: Samsdig, 19 Auer, Mass. Toodler: Samsdig, 19.30 Auer, Mass. Wiltz: Dimanche, 11 heures, missa em portugues (ville haute).

Pastoralregion Zentrum

Beiwën/Atert: Sonndeg, 10 Auer, Wuertgotesdëngscht. Bruch/Miersch: Sonndeg, 10 Auer, Mass.

Bettendorf: Samstg, 16.30 Uhr, Hochzeit, zugleich Vorabendmesse.

Bourscheid: Sonntag, 10.30 Uhr, Messe. Colmer-Bieng: Samsdeg, 18.30 Auer, Virowendmass. Sonndeg, 9.30 Auer, Mass.

Diekirch: Samstg, 19 Uhr, Messe. Sonntg, 8.30 Uhr, Messe; 9.15 Uhr, portugiesische Messe; 10.30 Uhr, Hochamt.

Ettelbréck (CHNP): Sonndag, 8.30 Auer, Mass an der Kapell. Mëttnoch, 16.30 Auer, Mass an der Cafeteria.

Ettelbrück: Samstg, 16.30 bis 17 Uhr, Beichtgelegenheit; 19 Uhr, Vorabendmesse. Sonntg, 10.15 Uhr, Hochamt; 19 Uhr, Abendmesse.

Feulen: Sonntg, 10 Uhr, Hochamt in der Pfarrkirche.

Iewerleng: keng Mass. Ierpeldeng/Bierden: Sonndeg, 9.30 Auer, Wuertgotesdëngscht zu Ierpeldeng. Et ass kee Gottesdëngscht zu Bierden.

Mertzg: Sonntg, 19 Uhr, Vorabendmesse. Moestroff: Sonntg, 9 Uhr, Mass.

Reisdorf: Sonntg, 10.30 Uhr, Messe. Rippweiler: keng Mass. Schandel: Sonndeg, 10 Auer, feierlech Houmass vum Fest fir d'Par; 11 Auer, vum der Kierch Concert vum der Iewerlenger Fanfare.

Schiere: Sonndeg, 11 Auer, Mass. Useldeng: Samschdeg, 19 Auer, feierlech Virowendmass vum Fest.

Welscheid: Sonntg, 9 Uhr, Wortgottesdienst. Pfarrverband Fels

Fels: Samschdeg, 18 Auer, Virowendmass. Hiefenech: Sonndeg, 10.30 Auer, Houmass.

Larochette: Dimanche, 10.30 heures, messe en langues française et portugaise.

Miedernach: Sonndeg, 10.30 Auer, Houmass.

Noumer: Sonndeg, 10.30 Auer, Houmass. Steeën: Sonndeg, 9.15 Auer, Houmass. Waldbëlleg: Samschdeg, 19.30 Auer, Virowendmass.

Pfarrverband Grosbous

Biebereg: Sonndeg, 10.45 Auer, Houmass fir d'Par. Groussbus: Sonndeg, 9.15 Auer, Houmass fir d'Par.

Viechten: Samsdeg, 19 Auer, Virowendmass. Pfarrverband Mersch

Angelsberg: Sonntg, 10.30 Uhr, Messe. Bissen: Samstg, 18 Uhr, Vorabendmesse. Sonntg, 10.30 Uhr, Messe.

Bofferdingen: Sonntg, 9.15 Uhr, Messe. Hunsdorf: Samstg, 19.30 Uhr, Sonntagsgottesdienst.

Lintgen: Samstg, 18 Uhr, Familiengottesdienst. Dimanche, 9 heures, messe en portugais.

Mersch: Samstg, 17 Uhr, Vorabendmesse mit Firmung; keine Messe um 19.15 Uhr. Sonntg, 10.30 Uhr, Messe. Dimanche, 19 heures, messe en français.

Moerdorf: Sonntg, 10.30 Uhr, Messe. Reckingen: Sonntg, 9 Uhr, Messe.

Rollingen: Sonntg, 10.30 Uhr, Messe.

Pastoralregion Süden

Beles: Sonntag, 9.30 Uhr, Messe. Bel Val-Metzerlach: Samstg, 19 Uhr, Messe.

Bergem: Samstg, keine Vorabendmesse. Bettingen: Sonntg, 10 Uhr, Messe.

Biwingen: Samstg, 18 Uhr, Pfarrgottesdienst. Differdingen: Samstg, 18 Uhr, Messe. Sonntag, 10 Uhr, Messe.

Differdingen-Fousbann: Samstg, 18.30 Uhr, Messe. Dimanche, 9.30 h, messe de première communion en portugais.

Dippach: Samstg, 18.30 Uhr, Vorabendmesse. Düdelingen: Samstg, 17 Uhr, Beichtgelegenheit (Pfarrkirche); 18 h, messe en italien (église paroissiale); 18 Uhr, Messe (Büringen); 19 Uhr, Vorabendmesse (Pfarrkirche); 19.15 Uhr, Wortgottesdienst (Spital). Sonntg, 9 Uhr, Messe (Pfarrkirche); 9 Uhr, Wortgottesdienst (Altersheim); 10 h, messe en portugais; 10 Uhr, Messe und Tauffeier (Budersberg); 11 Uhr, Hochamt; 16 Uhr, Tauffeier; 17 Uhr, stilles Gebet vor dem Allerheiligsten; 19 Uhr, Abendmesse.

Ehleringen: Samstg, 19 Uhr, Vorabendmesse. Sonntg, 10 Uhr, Hochamt.

Ehlingen: Sonntg, keine Messe. Esch-Grenz: Samstg, 17 Uhr, Tauffeier; 18 Uhr, Rosenkranz; 18.30 Uhr, Messe. Dimanche, 9 h, messe en portugais; 10.30 Uhr, Gemeinschaftsmesse.

Esch - Mission catholique italienne: Samedi, 18 h, messe. Dimanche, 10.30 h, messe; 18.30 h, messe.

Esch-St-Joseph: Samstg, 16-16.30 Uhr, Beichtgelegenheit; 18 Uhr, Vorabendmesse; 18.30 Uhr, Messe (Oratorium Spital). Sonntg, 10.30 Uhr, Messe; 18.30 h, messe en français.

Esch-Lallingen: Samstg, 18.30 Uhr, Beichtgelegenheit; 19 Uhr, Vorabendmesse. Sonntg, 10 Uhr, Messe.

Esch-St-Henri: Samstg, 19 Uhr, Vorabendmesse. Sonntg, 10 Uhr, Messe; 18 Uhr, Messe.

Esch-Raemerich: Samstg, 18 Uhr, Vorabendmesse. Fingig: Samstg, 18 Uhr, Vorabendmesse.

Garnich: Sonntg, 11 Uhr, Hochamt.

Kahler: Sonntg, keine Messe. Kayl: Samstg, 19 Uhr, Vorabendmesse. Sonntg, 8 Uhr, Messe; 10.30 Uhr, Hochamt.

Küntzig: Samstg, 18 Uhr, Radiomesse. Lamadelaide: Samstg, 18 Uhr, Vorabendmesse. Sonntg, 9.30 Uhr, Hochamt.

Lasauvage: Dimanche, 18 h, messe en français. Limpach: Sonntg, 9.15 Uhr, Messe.

Linger: Samstg, 17 Uhr, Vorabendmesse. Liwingen: Sonntg, 9.30 Uhr, keine Messe.

Monnerich: Samstg, 19 Uhr, Vorabendmesse. Sonntg, 10.30 Uhr, Hochamt.

Niederkerschen: Samstg, 16 Uhr, Beichtgelegenheit; 19 Uhr, Vorabendmesse. Sonntg, 10 Uhr, Hochamt.

Niederborn: Samstg, 19 Uhr, Vorabendmesse. Sonntg, 9 Uhr, Messe (Spital).

Oberkerschen: Sonntg, 9 Uhr, Hochamt. Oberkorn: Sonntg, 10 Uhr, Messe.

Peppingen: Sonntg, 9.30 Uhr, keine Messe (Pfarrkirche); 10 Uhr, Messe (Klosterkapelle).

Petingen: Samstg, 17.30 Uhr, Beichtgelegenheit; 18.30 Uhr, Vorabendmesse. Sonntg, 8.30 Uhr, Familienmesse; 10 Uhr, Hochamt; 17 h, messe en italien.

Reckingen/Mess: Sonntg, 8.30 Uhr, Hochamt. Rodange: Samstg, 19 Uhr, Vorabendmesse. Sonntg, 10.30 Uhr, Messe; 18.15 h, messe en portugais.

Roeser: Sonntg, 9.30 Uhr, Pfarrgottesdienst. Rümelingen: Samstg, 17 Uhr, Messe (Altersheim); keine Vorabendmesse. Sonntg, 10 Uhr, Hochamt.

Sassenheim: Samstg, 18 Uhr, Messe. Schifflingen: Samstg, 18.30 Uhr, Vorabendmesse. Sonntg, 10.30 Uhr, Messe.

Schouweiler: Sonntg, 10.30 Uhr, Hochamt-Kirchweihfest. Steinbrücken: Sonntg, 10.30 Uhr, Messe.

Zolver: Samstg, 18 Uhr, Messe (Cité Kauffman). Sonntg, 8.30 Uhr, Messe (Altersheim); 10.30 Uhr, Messe (Pfarrkirche).

Pfarrverband Bettemburg-Hüncheringen

Bettemburg: Samstg, 16.30 Uhr, Vorabendmesse (Foyer St-Joseph); 19 Uhr, Vorabendmesse (Pfarrkirche). Sonntg, 9 Uhr, Messe (Foyer St-Joseph); 9.15 h, messe en italien (église paroissiale); 10.15 Uhr, Hochamt (Pfarrkirche); 11.15 h, messe en portugais (église paroissiale).

Hüncheringen: Sonntg, 9 Uhr, Familienmesse. Pfarrverband Koerich

Eischen: Sonntg, 10.30 Uhr, Hochamt. Goetzingen: Samstg, 19.15 Uhr, Vorabendmesse.

Hobscheid: Samstg, 19.30 Uhr, Vorabendmesse. Sonntg, 9 Uhr, Hochamt. Kleinbettegen: Samstg, 18 Uhr, Vorabendmesse.

Koerich: Sonntg, 11 Uhr, Hochamt. Steinfort: Samstg, 16 Uhr, Messe (Spital). Sonntg, 10 Uhr, Hochamt.

eng KLACK fir eis Sprooch 81

ACTIOUN LËTZEBUGESCH – EIS SPROUCH 53a Glesenerstrooss – L-1631 Lëtzebuerg-Gare Tél.: 470 612 – Fax: 222 490 e-mail: friedjan@pt.lu + faberre@pt.lu + lexroth@pt.lu Cotisatioun/Member: 13 Euro d'Joer – CCPL: 6644-48

INTEGRATIOUN... ..ent vun deene meeschtgebrauchte Moude-Wierder, wann et ëm d'Awanderungs-Problematik bei äis an och an den EU-Länner ronderëm geet. Et ass en Ausdruck, mat deem e sëlliche Politiker sech a schéine Sonndes-Riede immes gefalen, nom Spréchwurt: „vill moer Zoppen a kee Gestécks“. Dofir gëtt an deem Zesummenhang jo dann och bal nëmmen am „Conditionnel/Konjunktiv“ geschwat a mengert: ech mengen, et misst een... et sollt een... et wier wichteg. Wann et ierlech gemengt a richteg geduecht ass, da misst et riichteraus anescht heeschen: et muss een... mir sollen... et ass wichteg! Mir sinn natierlech immens fro driwver, datt an deem Sënn op deenen héigen an allerhéichste Plazen eng Luucht ugaang ass: eis Sprooch als Haapt-Element fir d'Integratioun vun auslännesche Matbierger! Wow! Yuppi! Cool! Echt krass! Supermegagail! Mä da loosst mer déi schéi gemoolten Nouteblieder emol opschloen, mir leéien se fir déi eenzel Instrumenter op d' Pulten, an da maache mir Musek! Mir? Net eleng déi naïv Dreemerte vum der Actioun-Lëtzebuergesch, déi sougenannt „Berufslëtzebuerg“, mä all déi aner, déi un eis Sprooch als Integratiouns-Motor gegleéft hunn, an déi, déi dann elo endlech ufanken, drun ze denken. A grouss Länner mat Mega-Sproochen ass d'Integratioun iwwer d'Sprooch vum Land zum groussen Deel eng automatesch Saach weinst der Press, der Schoul, der Litteratur an der Praxis vun all Dag. An hei bei äis? Mir hunn zwar déi grouss Chance, äis an drai grouss Sprooch mat bal alle Leit kënnen erëm ze schloen, déi bei äis kommen... an oder doduerch hunn si dann de Pech, sech net automatesch no an no an d'Sprooch vun deem Land an senge Leit kënnen eran ze denken an ze fillen, wou si e bësse Wuerzele wëlle maachen... also sech ze integréieren! Vrun allem over fannen eis auslännesch Matbirger ënner sech keng Méiglechkeet, wou si sech mat hire sproochliche Verschiddenheeten iwwer eng an eiswäit Kräizung kënnen fannen... an am duebele Sënn verstoen. Vun do muss mir äis goen; datt sinn déi speziell Grondgedanke vun eiser lëtzebuergescher Integratiounspolitik. D'Haaptsaach ass ganz sécher net, datt mir gesetzlech verlaangen, et misst e Lëtzebuergesch kënnen, fir eis Nationalitéit ze kréien: zwéngt e Mënsch, 147 Wierder Lëtzebuergesch ze béchsen a 15 Sätz ze knuelen, iert hien eise Pass kritt... wat huet dat da gedéngt, wann hien iech herno mam neie Pass an der Täschen eng laang Nues mécht? Weist him emol d'éischt, datt mir eis Sprooch an eis Identitéit selwer méi escht huele wéi eng Grill-Party! Et kéint e bal seen: Loosst mir emol no eiser eegener Integratioun an d'Lëtzebuergesch Identitéit kucken! Déi ganz Fro resuméiert sech also net nëmmen op d'Problematik vun engem Lëtzebuergesch-Cours. Si verlaangt och, datt mir äis emol Gedanken driwver maachen, ob aner Leit äis an eiser Identitéit a Kultur méi solle respektere wéi mir selwer. Mir? Mä dat ass och eis Chamber; dat ass eis Regéierung; dat sinn eis Gemengen. Firwat net emol eng zerguttst organiséiert a geféiert Debatt iwwer eis Chamber-TV, déi sech ëm all Elementer vun lëtzebuergescher Identitéit... an Integratioun dréint? Mol kucken...

firwat? H.M. – Firwat muss dann elo en Doudegen OPFONNT ginn? Woufir solle mir e Kilometer ZRECKLEEËN? Maache mir e Bild an eng Rum, e Kader oder e „Rahmen“? ... A wat soll dann e „RAHMENPROGRAMM“? Wéi fannt dir et, datt elo souguer Leit hiren „ANTRËTT an d'Pensioun“ feieren... d'Fro ass guer net, ob dat „däerf“ sinn, mä ob dat wierklech „muss“ sinn... oder ob et preiseschen Houfert ass. Natierlech richt dat alles kilometerwäit no schlecht iwwersetten Houdätsch. A well eis Sprooch nun emol eng germanesch ass – esou wéi z. B. Hollännesch – trëlle mir nawell gär richteweis am Goethe seng Sprooch. Mä datt kënn mir roueg deene loossen, déi net wéi Lëtzebuerg sprochenlech op der Kräizung vum Germaneschen a Romaneschen leien. Do sinn d'Hollänner z. B. ower net! Kuckt emol nëmmen hetansdo esou eng kleng niderlännesch Explikatioun vun engem Wuer oder engem Apparat. Dat kann een ewell op der Beschreiwung vun engem „Päckelcherszopp“ oder engem Pak Nuddele maachen; hei fannt dir gläich eraus, datt déi „Gebrauchsnijsing“ vill méi däitsch „richt“ a vill méi wäit vum Franséischen ewech läit wéi d'Lëtzebuergesch. Probéiert emol vläicht selwer, fir esou e „mode d'emploi“ aus dem Franséischen direkt an d'Lëtzebuergesch ze iwwersetzen, aplaz vum Däitschen aus ze goen; duerno kuckt dir dann emol déi hollännesch Fassong... dir wäert gesinn, datt dat Hollännesch vill méi no beim Däitsche läit, wéi dat, wat dir op Lëtzebuergesch iwwersat huet. Esou e klenge Spaass ass iwrenseng eng formidable Saach, fir sech un d'Iwversetze vun engem anerer Sprooch an d'Lëtzebuergesch eran ze schaffen, an zwar wa méiglech net vum Däitschen an d'Lëtzebuergesch eran, mä vum Franséischen aus, a fir wat net vum Engleschen erfort. Dir kritt ganz séier méi e sécher Gefill fir zerguttst Lëtzebuergesch. Do gif dann och sécher kee méi „opfonnt“, mä „fonnt“ ginn; Kilometer gien net „zreckgleucht“ mä „gemaach, gaang, gefuer“ ginn; aus dem „programme cadre“ gif am Lëtzebuergeschen eischter e Kader- wéi e „Rahmenprogramm“, an d'Leit gëngen an d'Pensioun oui „an ze trieden“. Wier dat net och eng flott Saach fir eist Léierpersonal an de Stonne fir Lëtzebuergesch? Op jidfer Fall kéint et eng „aktiv“ Sproochaarbecht sinn, wou och Kanner eppes „experimentéieren“ kënnten; dat gif méi wéi sécher ville Jongen a Meedercher gefalen, an et wier heianso eng gutt Ofwiesung vum Gedichter oftaschten an Texter ze zergriemelen. en neit Spill M.V. – Mat kéipweis Spréchwierder an eiser Sprooch hunn d'Frënn vun der „Seniorenakademie & Fortbildungsinstitut/RBS“ e Gesellschaftsspill eraus ginn (d'Adress hei ënnen drënnen). Et dréint sech ëm eng Saach, déi mengerwäreg nach laang net nëmmen fir eeler Leit ass! Et ass e Genre „Quartet“, eng „Bommen-Affaire“: 600(!) eiser Spréchwierder sinn do op 600 Kaarte verdeelt; den Ufank vun engem bestëmmte Spréchwuert steet op deer vischter Sait vun engem Kaart, d'Rescht muss gerode ginn, an deem ass hannen um Réck geschriwen. Beispill, z. B. „d'Geld gëtt sech ewech / ... an den Dabo behält een“ – „frech ewéi en Hond / ...lieft ewéi en Här“ – „wa Kanner Geld hunn / ...da lousen d'Kréimer“. Et däreif jidfer eng bestëmmten Zuel Kaarte wielen, jenodemes wéivill Leit matspillen, an op wéivill si sech eens ginn. Wien déi meesch Spréchwierder richteg/komplett erausfonnt huet, kritt 1 Punkt. Eng gëlle Saach fir „eppes zesummen ze maachen“; eng Gelleg fir „de Käppchen“; e Musterbeispill, wéi een de Spréchwuert – a Verglachs-Räichtum vum Lëtzebuergesche ka kenne léieren... a behalen!; Wou ass et ze kréien, a wat kascht et? Am „Service RBS a.s.b.l. / rue de Contern – IZEG / Tél. 36 04 78 / Fax 36 02 64; Präis 25 Euro (oder „Kitten“?). Mir gratuléieren fir déi gutt Initiativ a wënschen den Auteuren e grouss Succès!

Eise Comité an d'Redaktioun: Claude Bache, René Faber, Johnny Flick, Jeanny Friederich, Jang Hansen, Henri Marbes, Lex Roth, Gast Schuller, Roby Zenner, Marvine V. a Pol Wilmes Nächst Klack (82): 29. Juni 2002

Europa - Rot R.Z. – Wann ee vun elauter Dommheeten net méi richteg weess, wat ee maache soll, da stellt een alt emol einfach... topeg Froen. Dat huet elo kuerz och den „Conseil de l'Europe“ fäerdig bruecht, wéi he sech selwer gefrot huet, ob Lëtzebuergesche a Wallounesch dann en Dialekt oder eng Nationalsprooch wieren. Dobäi misst dat grad den Europa-Rot iwwer d'Sproochsituatioun vun deene Länner Bescheed wëssen, déi an deem Gremium vertruede sinn! Jidderee weess, datt jidfer demokratesch Land op der Welt en eegent Gebitt huet, dat een an engem Atlas an enger Encyclopédie kann erfannen: d'Autoritéiten, den draigedeele Pouvoir, de Fändel, d'Nationalidd... an d'SPROUCH! Et mécht een ewell bal haften, wann een dann déi, an a fir sech eefälleg, Fro vum Europa-Rot liest, ob eis Sprooch dann elo ower en Dialekt ass... wat dat och ëmmer heescht. Entweder esou en dichtege Club misst dat wëssen oder sech ëmfroen, iert hien deer dommer Froen eng an d'Welt setzt... an da gif hie gewuer ginn, datt mir zënter 1984 e Gesetz hunn, datt d'Lëtzebuergesch kloer als eis national Sprooch deklariéiert. Et éiert eis Chamber, ower et ass schlëmm genuch, datt si den 18. Abrëll huet missen eng Resoloutioun huelen, déi dem Conseil de l'Europe (eesëmme!) an Erënerung rufft, wat eise Legislatioun vru ronn 20 Joer gesetzelech iwwer d'Sproochsituatioun festgaset huet. Et kann een den Europa-Rot ower net als Institutioun weint senger Sprooch/Dialekt-Toperei widder d'Mauer drécken. Mä seng juristesche Commissioun, déi och fir d'Mënscherechter kompetent ass, misst doch „eruéieren“, wéi et sech mat de Sproochsituatiounen an de Member-Länner huet. Soss hale mir vun hir, wat mir wëllen... rosewéineg. fir eis jonk Leit An der leschter KLACK hate mir gefrot, datt jonk Frënn vun eiser Sprooch sech solle melden, fir datt mir mat hinne iwwer eis Sprooch an hir Praxis an de jéngste Generatiounen an deene vu mar kënnen an d'Gespréich kommen. Dat huet bis elo e ganz gudde Echo fonnt. Wien nach dobäi wëllt sinn, dee soll sech op engem vun eisen Adressen ze erkenne ginn. Enn Juni organiséieren mir an engem Bureau an der Stad eng Reunion fir mat hinne an d'Gespréich ze kommen. Jidderee gëtt schréfflech invitéiert.

Rodange/Reenert-Monument Wolz AL – Mir stellen dat neit National-Monument zesumme mat dem Architekt-Artist a Professor Adolphe Deville an dem Georges Calteux vun „Sites et Monuments nach vum Summer an engem Interview a mat Pläng an der Press vir. D'Gemeng Wolz iwwerhëlt d'Strukturen ënnert dem Buedem; de Stat suert fir den „tinéraire culturel“, deen aus dem Simons-Park op d'Monument zougeet; d'Monument selwer richt d'Actioun-Lëtzebuergesch op... a brauch dofir en etlech Honnertdusenden Euro! Wie bei eiser Souscriptioun wëllt matmaachen, dee ka seng Bälluecht op de Postscheck 197316-18 / „Monument Rodange“ iwverweisen... an se no der Décisioun vum „Fonds culturel national“ herno och steierlech ofsetzen.

